



# INVITATIOUN D'FRAEN AM RETTUNGSWIESEN "MIR SINN DOBÄI!"

**8. Mäerz 2013**  
vun 13.00 bis 16.00 Auer  
um Knuedler

## ATELIERS

### 1. Feierläschertraining

D'Formatricen am Feierläschwiesen erklären wat d'Feier ass, wéi et reagiert an wat fir eng Moossnahmen een géint Feier huelen muss. Si demonstréieren d'Handhabung vun engem drohbaren Feierläscher bei richtigem Feier.

### 2. Éischt Hëllef

D'Secourismus-Ausbilder(-innen) an Ambulancièren vun der Verwaltung vun de Hëllefdsdéngrichter an dem Roude Kräiz weisen d'Basisgesten vun der Reanimatioun (Kontroll vun de Vitalfunktiounen, Mond-zu-Mond Beotmung an Häerzmassage) an demonstréieren den Gebrauch vun engem automateschen Defibrillator un Hand vun Übungsmannequinen.

ATELIERS  
AN DEMONSTRATIOUNEN  
MAT DE FRAEN  
AUS DEM RETTUNGSWIESEN

## DEMONSTRATIOUNEN

### 3. Retten aus verongléckte Gefierer (Sauvetage)

D'Fraen aus den Sauvetage-Equipen vun der Protection civile weisen wéi Verletzen an ageklemmten Persounen aus engem accidentéierten Gefier gebuerge ginn. Si schaffen patientegerecht mat schwéierem Rettungsgeschier (Schéier a Spreitzer) an dëst an enker Zesummenaarbecht mat den Ambulancièren vun der Protection civile, déi eng Eischtversuergung vum Patient maachen.

### 4. Oofstuerzsécherung

D'Beruffspompjeeën aus der Stad Lëtzebuerg weisen wéi een mat der automatescher Dréileeder Leit aus Héichten an Déiften rett. Bei dësen Asätz passen si besonnesch op eng korrekt Oofstuerzsécherung op.

### 5. Realbrandverlaf

Un Hand vun engem Modell-Haus demonstréiert en Ausbilder aus dem Feierläschwiesen wéi an engem Zëmmer e Feier entsteet, wei den Brandverlaf ass an wéi séier d'Feier sech ausbreit. Hien erklärt déi verschidde Brandstellen an engem Zëmmer, wat fir en Afloss d'Ventilatioun op de Brand huet an d'Folge vun engem Zëmmerbrand.